N°1076
Entrée le 22.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°1076 vum 31. Juli 2024 vum éierewäerten Deputéierte Jeff Engelen iwwert d'technesch Kontroll**

Den éierewäerte Deputéierte stellt Froen iwwert d'Convocatioune fir an d'technesch Kontroll, déi ronn zwee Méint virum Oflaf vum Zertifikat vun der technescher Kontroll un den Titulaire vum Gefier erausgeschéckt ginn.

D'Verschécke vun de Convocatioune fir an d'technesch Kontroll stellt ee Service um Bierger duer, fir d'Leit drun ze erënneren, dass d'Gültegkeet vum Zertifikat vun der technescher Kontroll geschwënn op en Enn kënnt. Et sief allerdéngs ze ënnersträichen, dass d'Receptioun vun dëser Convocatioun keng Noutwendegkeet ass fir kënne säi Gefier bei enger vun de Kontrollstatioune préiwen ze loossen.

Et ass jidder eenzelem, deen e Gefier op der ëffentlecher Strooss beweegt, seng Responsabilitéit sécherzestellen, dass dëst Gefier konform zu der nationaler Gesetzgebung ass, wouzou och gehéiert, dass d'Gefier eng gülteg technesch Kontroll huet. Dat selwecht gëllt och fir déi aner obligatoresch Dokumenter vum Gefier.

Et sief des Weideren ervirzehiewen, dass ënnerschiddlech Grënn virleie kënnen, déi net an der Kontroll vum Ministère leien, firwat eng Convocatioun fir an d'technesch Kontroll net bei enger Persoun ukomm ass. Zousätzlech konnt no enger grëndlecher Iwwerpréiwung festgestallt ginn, dass keng technesch Feeler beim Versand vun de Convocatiounen identifizéiert goufen.
De Fakt, dass ee keng Convocatioun fir an d'technesch Kontroll krut, déi net gesetzlech virgeschriwwen ass, befreit een net vun der gesetzlecher Obligatiounen säi Gefier enger technescher Kontroll ze ënnerzéien a stellt kee Grond duer fir déi festgestallte Verstéiss vun der Police ze contestéieren.

Ofschléissend well ech präziséieren, dass de Minister deem den Transport ënnersteet net d'Méiglechkeet huet fir gülteg Verstéiss déi vun der Police festgestallt goufen ze annuléieren.

Lëtzebuerg, den 22. August 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes